Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (06.03.2019)

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
06 MARS 2019
456

Lëtzebuerg, den 06/03/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Digitalisatioun weiderzeleeden.

Wéi d'Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek de 5te Mäerz beriicht, gouf et op der Plattform vum Bildungsministère ee gréisseren Dateklau vu Passwierder, mat dem sech Hacker Accès op d'Konte vu Benotzer verschaaft hunn. Op Nofro bei engem Bedeelegten ass eis dës Informatioun confirméiert ginn. No deenen eis virleienden Informatiounen, hunn d'Benotzer vun education.lu an hirer Boîte een engleschsproochege Madee scheinbar vun hinne selwer geschéckt gouf. An dësem Mail gëtt de Benotzer gefuerdert eng Zomm Sue via Bitcoin un een Erpresser ze iwwerweisen. Mat engem einfache Passwuertwiessel kéint een den Hacker ganz einfach erëm vu sengem Konto ausschléissen. Leider ass et sou, dass d'Benotzer aktuell net iwwert d'Rechter besëtzen, fir hiert eegent Passwuert ze änneren. Soumat sinn zurzäit Schüler an Enseignanten engem Erpressungsversuch ausgesat an hunn aktuell keng Kontroll iwwert hiert Konto.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Huet d'Regierung Kenntnis vun dësem Hackerugréff an Erpressungsversuch op education.lu? Falls jo, wéi vill Konte sinn hei insgesamt betraff?
- Gouf déi informatesch Faille op education.lu geléist? Falls jo, wéi gouf se geléist? Falls nee, wéi vill Zäit schätzt d'Regierung, dass et brauch fir d'Faille ze léisen? Wat waren d'Ursaache vun der Faille?
- Wéi eng Mesurë goufen ënnerholl fir de Schüler an Enseignanten ze hëllefen?
- Wéi eng Mesurë wäert d'Regierung an Zukunft ënnerhuelen, fir Schüler virun Hackerattacken an Erpressungsbréiwer op ëffentleche Plattformen ze schützen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député